

- résolution sur le rapport annuel relatif aux activités du Médiateur européen en 2004.

2. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun iwwer-muer, also dem Donneschdeg ube-laangt, wëll ech d'Chamber op en Ännerungsvorschlag opmierksam maachen, dee vun der Transport-kommissioun erakomm ass.

De Projet de loi 5465 iwwert den öf-fentlechen Transport, deen haut eng zweete Kéier vum Statsrot avi-séiert gëtt, soll an déi zoustänneg Kommissioun zréckgoen, déi hi-rersäits de 15. Dezember e Rap-port complémentaire unhuele wëllt.

Den Här Grethen freet zu där Pro-positioun d'Wuert.

M. Henri Grethen (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hä-ren, ech si Member vun der Trans-portkommissioun an ech weisst net, dass d'Kommissioun esou eppes gefrot hätt. Deen, deen et gefrot hat, war ech an der Trans-portkommissioun, wëssend dass haut de Conseil d'État en Avis complémentaire géif ofginn, an déi Proposition du ass vun der Trans-portkommissioun ofgelehnt ginn!

An déiselwecht Proposition hunn ech nach eng Kéier an der Confé-rence des Présidents gemaach, an och do ass se no Nofro nach eng Kéier ofgelehnt ginn.

Duerfir verstitt Der, Här President, dass ech zwar verwonnert sinn iw-wert déi Proposition, déi vun der Transportkommissioun gemaach gi-wier, a wa se vun engem gemaach ginn ass, ass se vläicht vum Presi-dent vun der Transportkommis-sioun gemaach ginn, mä gläichzäi-teg freeën ech mech driwwer, well ech jo itérativement gesot hat an drop opmierksam gemaach hat, dass dee Projet ab initio schlecht ass an dass een e soll ganz erëm an der Versenkung verschwanne loossen. Mä, Här President, ech ka mäin Accord an den Accord vu menger Fraktioun – well mer an der Fraktioun doriwwer geschwat hunn – zu där Proposition bréngen.

Gläichzäiteg awer, Här President, wëll ech lech invitéieren, dofir Suerg ze droen, dass de Projet, och wann de Conseil d'État haut en Avis complémentaire ofgëtt, net an der leschter Sitzungswoch erëm op den Ordre du jour kënnt, well ech wëll d'Chamber elo schonn drop opmierksam maachen, dass de Mi-nister eis annoncëiert huet, dass au vu vun deene prévisibele Kon-klusioun vum der Tripartite, oder wann do keng Konklosiounen erauskommen, vu sengen eege-nen, dee Projet nach eng Kéier misst amendéiert ginn.

Et wier wirklech e ganz schlechte Stil, wann een elo a leschter Minutt an dësem Joer dee Projet do géif aus Rechthaberei duerchbaat-schen an dann e puer Wochen drop de Projet nach eng Kéier misst ofänneren.

Ech géif also lech invitéieren, lech bieten, Här President, drop opze-passen, dass dat net nach eng Kéier virkënt an d'Regierung bie-den, Suerg dofir ze droen, dass mer uerdentlech preparéiert Pro-jete kréien, wa schonn en excel-lente Projet, deen dës Chamber eréischt am Mee 2004 ofgestëmmt hat, hei sollt ofgeännert ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Grethen. Ech weess elo net, en fin de compte, vu wien dann elo déi Proposition kënnt, fir de Projet vum Ordre du jour erfzehuelen. Wann et net vun der Transportkom-missiou ass, dann ass et op d'mannst vum honorablen Här Gre-then. Also gesinn ech, dass d'Wënsch vun deenen engen an deenen anere sech treffen. Deem-entspreechend kënne mer eng weis Décisioun huelen, nämlech dëse Projet vum Ordre du jour ze sträi-chen.

Den Här Gibéryen freet och nach d'Wuert dozou.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Dir hutt elo zwar schonn d'Äntwert ginn, mä se gëtt mer keng Satisfak-tioun! Ech mengen, Dir maacht hei als President eng Proposition, an-deem Der sot, Dir géift proposéie-ren, fir dee Punkt vum Ordre du jour erfzehuelen, an Dir sot eis awer, Dir weisst net vu wien, datt déi Proposition géif kommen.

Dat ass mer awer e bësse gelun-gen, dat doten! Et muss jo awer een lech déi Proposition...

(Interruption)

...gemaach hunn, déi Dir eis elo hei ënnerbreet.

M. le Président.- Ech ginn lech gläich dorobber eng Äntwert, Här Gibéryen, virdrun huet awer nach den Här Schreiner d'Wuert.

M. Roland Schreiner (LSAP).- Mäi Mikro geet nach net, mä Dir héiert mech vläicht och esou.

Une voix.- E geet ganz gutt.

M. Roland Schreiner (LSAP).- Geet e gutt?

(Hilarité et interruptions)

Et geet och ouni!

Vläicht kann ech dem Här Gibé-ryen weiderhëllefen. De President vun der Transportkommissioun huet gefrot, fir de Projet reportéiert ze kréien, ganz einfach well de Conseil d'État en Avis complémen-taire gemaach huet.

(Interruption)

Net méi an net manner.

(Interruption)

Dat schéngt awer an der Prozedur ganz normal ze sinn, dass, wann de Conseil d'État en Avis complé-mentaire zu engem Projet mécht, dann och d'Kommissioun sech nach eng Kéier mat deem Projet befaasst!

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Neen, dat huet den Här Grethen net an der Kommissioun gesot,...

M. le Président.- Loosst den Här Schreiner elo emol ausschwatzen!

M. Roland Schreiner (LSAP).- ...well den Här Grethen zu deem Zäitpunkt net konnt wëssen, dass de Conseil d'État en Avis complémentaire géif maachen. Esou einfach ass et.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Ech sinn dem Här Schreiner dankbar, datt hie mer d'Äntwert ofgehol huet, déi ech dem Här Gibéryen hätt misse ginn. D'Servicer vun der Chamber hu mer matgedeelt, dass déi De-mande u si erugedroe gi wier, fir dem Wonsch vum Här Grethen no-zekommen, fir dass dëse Projet net um Ordre du jour wier.

Deementspreechend froen ech d'Chamber, ob se domadder d'ac-cord ass, dass mer dee Projet erf-zehuelen.

(Assentiment)

Ech gesinn, do besteet grouss Unanimitéit, dann ass et och esou décidéiert.

Mir kommen elo zum Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Projet de loi 5500 zum Statsbudget fir d'Joer 2006, an dat esou wéi et am Artikel 105 vum Chamberregle-ment festgehalten ass. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

3. 5500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2006

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Roger Negri (LSAP), rap-porteur.- Här President, Dir Dam-men an Dir Häre Ministeren, Dir Dammen an Hären, den 19. Okto-ber huet den Här Budgetsminister de Statsbudget fir den Exercice 2006 hei an der Chamber dépo-séiert. Et war vun Ufank u kloer, an dat huet den Här Minister beim Dé-pôt zum Ausdrock bruecht, dass et keen einfache Budget wier, dass et Budget ass, deen am Defizit ass, obschonns e misst am Excédent sinn.

Et ass e Budget an deem d'Dé-pensé vum Stat méi héich wuesse wéi d'Recetten an an deem virun allem d'Dépensé méi héich wuesse wéi de prospektive Wuesstum vun eiser Economie. Do besteet Hand-lungsbedarf, dat wëll ech vun Ufank u ganz kloer soen. Dat erkläert vläicht och, firwat et an deene leschte Wochen an Deeg net un Diskussionsstoff an dëser Matière gefeelt huet.

Ier ech awer un de Vif du sujet ginn, wëll ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir ze soen, dass et eng grouss Eier ass an och eng Erausforderung, fir als Politiker als Budgetsrapporteur bestëmmt ze ginn, an ech wëll och hei vun dëser Tribün all deene Leit e grouse Merci soen, déi duerch hir schrëft-lech Avisën a Contributionen, oder awer am perséinleche Ge-spréich, sief dat an der Finanz- a Budgetskommissioun oder am Laf vun deene sëllechen Entrevuen, déi ech als Rapporteur mat de sou genannte Forces vives de la nation iwwert d'Finanzsituatioun vun ei-sem Land an deene leschte Woche gefouert hunn, dozou bäigedroen hunn, dee Rapport ze verfaassen, deen ech de Mëtten hei duerf pre-sentéieren.

Ech soen also de Vertrieeder vun de Gewerkschaften an de Patronats-organisatiounen Merci. E Merci och un d'Berufschamberen, déi et trotz der neier Budgetsprozedur, duerch déi mer elo fir d'Zweet gaange sinn, och déi Kéier nees fäerdeg bruecht hunn, hir Avisën an där ge-winnt héijer Qualitéit a bannent den Délaien ofzeliwweren, a vun deen-ech och versicht hunn, eng Rei a mengem Rapport ze verschaffen.

Merci wëll ech awer och all deenen aneren Organisatiounen soen, deenen ech am Kader vun de Bud-getskonsultatiounen begéint sinn. Ech wëll och selbstverständlech de Ministeren an hire Beamten an de Ministèren a Verwaltunge Merci soe fir hir Disponibilitéit.

Merci soe wëll ech och deene ver-schiddenen Direktiounen vun der Steierverwaltung, der Administra-tion de l'Enregistrement, der Douane an den Accisen, der Fi-nanzinspektioun, dem Trésor, dem Statec, der Direktioun vun der Cour des Comptes a vun der Zentral-bank an net zulescht dem Statsrot, déi alleguer der Finanzkommis-sioun eng äusserst grouss Disponi-bilitéit entgéintbruecht hunn an ouni deenen hiren excellenten Avis dëse Rapport net an där Form hätt kënnen opgestallt ginn.

E ganz spezielle Merci wëll ech awer un all déi Kolleeginnen a Kol-leege vun der Finanz- a Budgets-kommissioun riichte fir hir aktiv Ze-summenaarbecht. Och e beson-nesche Merci un de Sekretär vun der Kommissioun, den Här Nicolas Bock. A last but not least e leschte ganz besonnesch déiwen an opriichtege Merci geet un d'Frak-tiounsattachéé Patrizia Luchetta a Claude Tremont; ouni hir excellent Matarbecht hätt dëse Rapport sé-cherlech net am Délai kënnen op-gestallt ginn, an och un all déi aner Matarbechter aus eiser LSAP-Fraktioun.

Här President, et ass mer eng

grouss Eier an eng grouss Freed gewiescht, mat hinnen alleguer iw-wert dat wichtigst Gesetz vum Joer ze diskutéieren, hiren Explika-tiounen nozelauschteren, hir Suer-gen an hir Kritiken ze verstoen a mech mat hire Fuerderungen a Propositionen ze befaassen. Alle-guer déi Gespréicher erlaben et engem Budgetsrapporteur net nëmmen de Budget proprement dit ze analyséieren an ze hannerfroen, mä och e Gespier dofir ze entwé-ckele fir dee gesamte wirtschaft-lechen a soziale Kontext an deem sech dëse Budget situéiert.

Während der Period vum Opstelle vun dësem Budgetsrapport si vill lwwerleungen hei am Land ëm d'Zukunft vun eise Statsfinanze ge-maach ginn. Ech hunn duerfir meng Roll als Rapporteur net drop beschränkt, Zuelen ze hannerfroen am Kader vun der Analys vun der finanzieller Situatioun vun eisem Land, mä och kritesch lwwerleun-gen unzustellen, an ech weisen och eng Rei vu Léisungsvirschléi op.

Engersäits fir eng verbessert Kom-petitivitéit vun eisem Land am Ka-der vun der Lissabon-Strategie, eng Kompetitivitéit, ouni déi mer de soziale Wuelstand vun eisem Land net kënnen op laang Weil ofséche-ren. An anersäits fir eng Reform vun eiser Budgetsprozedur, e Pa-radigmewissel, wéi en an anere Länner schonn des längere voll-zunn ass, fir net nëmmen d'Dé-pensé besser an de Grëff ze kréien, mä och d'Qualitéit vun ei-sen Dépenses ze evaluéieren.

Fir d'Joer 2006 ass den Defizit vun der Administration centrale op 4,1% oder a Chifferen ausgedréckt op 1,2 Milliarden Euro estiméiert. Dëst eleng weist den Eescht vun der Lag. No Schëllegen ze sichen an dass mir dat scho laang gesot hunn, hëlleft elo näischt. Villméi brauche mir elo Léisungen, relativ schnell, mä ouni an eng Schnell-schusspolitik ze verfalen. Mir sollen eis do un déi Marschrouten halen, wéi de Statsminister se virginn huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis ekonomesch Ausgangs-situatioun fir d'Joer 2006 ass net schlecht. Nodeems mer am éischte Semester 2005 e Ralentissement vun der wirtschaftlecher Aktivitéit ze verzechnen haten, schielt sech fir dat zweet Semester 2005 eng Verbesserung vun der Konjunktur eraus. Deen Trend ass net nëm-men hei zu Lëtzebuerg ze erken-nen, och d'Weltwirtschaft an d'Euro-zon affichéieren erëm besser Performancen.

Fir d'Joer 2006 rechent de Statec no deenen neisten Zuele fir Lëtze-buerg mat engem Wirtschafts-wuesstum vu 4,4%. Dat sinn zwar net méi déi Zuelen, déi mer nach viru fënnef Joer gewinnt waren, mä mer müssen eis bewosst sinn, dass mer mat gutt 4% Wirtschafts-wuesstum nach ëmmer an der laangjähreger Moyenne leien. Mir schafen och all Joer weider netto e puer dausend nei Aarbechtspla-zen.

Wat mir am Moment erliewen ass also wirtschaftlech gesi mat Sé-cherheet keng Kris, kee Katastro-phenzeenario oder Ähnlech, dat ass ganz einfach e Retour à la nor-male no engem Jorzéngt vun extra-ordinärem Wuesstum. Eis No-peschlänner, eis Nopeschregiounen wiere frou, wa se dës Zuelen op-weise kéinten.

Mä obscho mir wirtschaftlech wei-der zolidd wuessen, hu mir och mat e puer Problemer ze dinn, déi anscheinend net esou einfach an de Grëff ze kréie sinn. Do ass als Éischt natierlech de Chômage ze nennen. Obscho mir all Joer dau-senden nei Aarbechtsplaze scha-fen, geet d'Zuel vun de Chômeuren zënter Jore kontinuierlech an d'Luucht. Am Oktober ware bei der ADEM genau 10.324 Leit age-schriwwen. Dat huet engem Taux vu 4,8% entsprach. Do muss een dann nach ongeféier 3.300 Fraen a Männer derbäizieleen, déi am Mo-

ment an enger Beschäftigungs-moosssnam sinn. Gläichzäiteg ginn déi Aarbechtsplazen, déi nei ge-schafe ginn - ëmmerhin 9.000 am Joer 2005 - zu 75% mat Frontaliere besat. Dat muss all Politiker an dë-sem héijen Haus op de Plang ruf-fen. Ech kommen herno nach eng Kéier dorop zréck.

Deen zweete Problem ass d'Infla-tioun. Den nationalen Taux ass am Oktober op 3% geklommen. Dat läit natierlech am Moment haapt-sächlech un den héije Pétrolspräis-ser, un deene mir näischt ännere kënnen. D'Inflation sous-jacente, dat heescht d'Inflatioun ouni d'Pé-trolsprodukter an aner Gidder, wou de Präis op den internationale Mar-chéé gemaach gëtt, läit ënner 2%. Wann eng héich Inflatioun an enger Economie, déi séier wiisst, net on-bedéngt e Problem duerstellt, esou muss een awer oppassen, dass mer net, ausgeléist duerch en eemolegen externe Schock, an en Däiwelskrees geroden an en Au-taallumage vun der Inflatioun kréien.

D'Tatsaach, dass et eiser Wirt-schaft gutt geet, heescht awer net – an dat steet och kloer an eisem Rapport vun der Finanz- a Bud-getskommissioun –, dass mir mon-ter virumaache kënne wéi bis elo. Dëst ze soen heescht net Angscht maachen. Hei geet et weder ëm Zweckpessimismus nach ëm Zweckoptimismus. Hei geet et drëms d'Saachen esou ze soe wéi se sinn.

Tëschent 1985 an 2000 hu mir mat Ënnerbrechungen insgesamt zéng Joer laang exceptionnel gutt Crois-sancë gehat mat exceptionnel héije Revenuen, dank der Ausnot-zung vu verschiddene Souveräni-téitsnischen. Déi Sue si benotzt ginn, fir déi néideg Infrastrukturen ze bauen, se si benotzt ginn, fir an eisem Land och verstäerkt am so-ziokulturelle Beräich eppes ze er-schaffen, se si virun allem benotzt ginn, fir am Sënn vun der Solidari-téit eng nei, méi gerecht Ëmver-deelung vun eisem Räichtum ze er-reechen. An dat ass och gutt esou.

Nom Abroch vun 2001 si mer haut erëm an engem Normalitéitszeena-rio. A wéi schonns éineschters ge-sot, ass et eng relativ gutt Normali-téit, eng besser Normalitéit, wéi déi vun eisen Nopeschlänner. De Rhythmus vun eisen Dépenses – an do ass de Problem – huet sech awer net verännert. 2006 sollen eis Recetten ëm 2,6% klammen. In-sgesamt gi 7,3 Milliarden Euro Re-cetten erwaart. Eis Dépensé klam-men awer och, an zwar 3% méi wéi eis Recetten. D'Dépensé klammen ëm 8,8%, dat si 7,6 Milliarden Euro.

D'Tatsaach, dass d'Proportioun vun de Statsdépensé par rapport zum PIB relativ stabil ass, onge-féier 27% vum PIB, seet a sech net vill aus. Éischstens, well d'Crois-sance - wéi scho gesot - während ville Joren exceptionnel héich war. Tëschent 1995 an 2000 loun-g duerchschnëttlech d'Croissance vun eisem PIB iwwer 7%. An zwee-tens, well dee gréissten Deel vun dësen Dépenses net kompressibel sinn, dat heescht, si si gesetzlech oder reglementaresch festge-luecht.

Am Joer 2004 hu mir 154 Milliounen méi ausgi wéi mer erakritt hunn. 2005 gi mir viraussiichtlech 106 Milliounen méi aus wéi mer era-kréien, a fir 2006 ass en Defizit vun 300 Milliounen virgesinn. Dës Zue-len heeschen net, dass et eisem Land schlecht geet. Dës Zuelen ze nennen heescht net Pessimismus ze bedriewen. Dës Differenz weist just un, dass mir iwwer eis Verhält-nisser liewen, iwwer eis gutt Ver-hältnisser.

Här President, ech wëll dann zu de Budgetsrecettë fir 2006 iwwer-goen. Dobäi wëll ech mech op déi grouss Eckdate vun de staatleche Recettë konzentréieren, an zwar op d'Akommessteier, d'Kollektivitéits-steier, d'TVA, d'Taxe d'abonnement an de Lëtzebuerg Undeel un deene gesamte Recettë vun der UEBL.

Bei der Akommessteuer féiert den Aarbechtsmaart, deen nach ëmmer zouhëlt, dozou, dass dës Recettë kënnen substanzieel klammen, an zwar vun 1,4 Milliarden Euro am Joer 2005 op 1,57 Milliarden Euro am Joer 2006.

D'Kollektivitéitssteuer ass déi Steuer, déi eis Betriber bezuelen. Fir 2006 rechent d'Regierung mat 1,25 Milliarden Euro Recetten aus dëser Steuer anstatt 1,125 Milliarden Euro fir d'Joer 2005. D'Kollektivitéitssteuer gëtt zu ronn 72%, esou war dat am Joer 2004, vum Finanzsektor bezuelt.

Et ass bekannt, dass zënter 2002 de Banken hir Steierscholden age-driwwen goufen, fir d'Recetten aus der Kollektivitéitssteuer héich ze halen, an dass dës Soldé quasi all agezu sinn. Duerfir weisen d'Experté vum der Steierverwaltung an der Cour des Comptes drop hin, dass domat ze rechnen ass, dass den IRC an deenen nächste Jore sech knapp ënner enger Milliard Euro appendele wäert, wat een net kann optimistesches stëmmen. D'autant plus well d'Effete vun der Steuerreform vun 2002 sech elo eréischt voll ausweisen.

Bei der TVA ass et esou, dass d'Recettë vun 1,588 Milliarden Euro am Joer 2005 op 1,352 Milliarden Euro am Joer 2006 zrëckginn. Ech komme spéider nach eng Kéier op d'Recettë vun der TVA zrëck.

Bei der Taxe d'abonnement gi mer vu 405 Milliounen Euro am Joer 2005 op 460 Milliounen Euro erop. Dës Steuer gëtt quasi zu 100% vun den Investmentfongen aus dem Bankesektor bezunn.

D'Recetten, déi Lëtzebuerg am Kontext vun der UEBL virun allem aus den Accisen zoustinn, dierfte sech fir 2006 bei lichte iwwer 900 Milliounen Euro stabiliséieren.

Zu den Dépenses ass an der leschter Woch scho vill gesot ginn. D'Dépenses courantes, dat heescht d'Verwaltungskäschte vum Stat, steige vu 6,3 Milliarden op 6,8 Milliarden Euro tëschent 2005 an 2006, dat ass eng Steigerung vun 8,7%. Als Hauptposté vun deene 6,8 Milliarde gëllen 2,6 Milliarden als Transferts sociaux an 1,4 Milliarden als Salairë mat de Charges sociales, dat sinn insgesamt 4 Milliarden. Wann een d'Investissementen en capital kuckt, da leien déi weider bei engem ganz héije Wäert vu 777,1 Milliounen Euro fir d'Joer 2006 géint 706,1 Millioune vun 2005, dat ass eng Steigerung vun 10,1%. Duerfir mussen mir e rigoureuse Spuerkurs aschloen an net waarde bis mer vill ze vill héich verscholt sinn.

Mir mussen versiche konform zum Pacte de stabilité den Defizit vun 1,8% fir 2006 an deenen nächsten zwee Joer jeeeweils ëm 0,5% ofzebauen, fir op déi vun der Regierung ugestrieten 0,8% Defizitwäerter ze kommen. Dëst ass nëmme méiglech wa mer strukturell Reformen un eise Statsfinanze virhuelen.

Här President, et gëtt jo heiansdo behaapt, wa Bréssel net do wier, beziehungsweise wa mer kee Stabilitéitspakt hätten, da wier alles besser, da bräichte mer eis net ëm den Defizit ze këmmern. Ech wëll mer guer net ausmolen, wat aus eisem Land gi wier, wa mer net an en Europa, an eng Europäesch Unioun mat agebonnen wieren; mä dat ass en aner Thema.

Wat d'Finanzen ugeet muss een awer op jidde Fall ënnersträichen, dass eng gesond finanziell Situation net nëmme wichteg ass par rapport zu de sou genannte Maas-tricht-Kritären. Et geet hei net nëmmen drëm ze vermeiden, dass mir vu Bréssel eng Rüg kréien, d'Gesamtfinanze sinn och wichteg fir eis Kompetitivitéit a fir eise Wuess-tum.

Wa bis gewosst ass, dass eng Firma rout Zuele schreift ginn d'Zouliwwer versichteg, well se net wëssen, ob se hir Wuer bezuelt kréien, an d'Clients zécken, well

se sech froen, ob d'Firma dann nach do ass, wann iergendeen Problem opdaucht. Wann de Stat rout Zuele schreift zécken nei Betriber, fir sech niddereeloossen, well se fäerten, dass de Stat iwwer eng Erhéijung vun der Besteuerung kéint probéieren säin Defizit ze reduzéieren an d'Leit gi manner Suen aus, well se fäerten, dass hir Steuerlaascht onerwaart an d'Luucht geet oder awer hir Prestatiounen onerwaart erofgeschrafft ginn.

Bref, mir müssen erëm en Equilibre herstellen tëschent Recetten op där enger Säit an Dépenses op där aner Säit. En Equilibre, deen net nëmmen drop aus ass reng zueleméisseg am Ausgläich ze sinn. Hannert den Zuelen, hannert deene verschiddene Budgets-posté sti jo Politiken, déi mer wëlle féieren, Politiken, déi d'Attraktivitéit vun eisem Land sollen erhalen a verstärken, fir eis Recettëbasis ze stabiliséieren. Politiken, déi eng gerecht Ëmverdeelung solle garantéieren, fir dass jiddereen vun dësem Wuessstum profitéiere kann.

Bei der Presentatioun vun de politesche Prioritéiten a beim Dépôt vum Budgetsprojert huet d'Regierung eng Rei Pisten opgezeechent iwwert déi mat de Sozialpartner soll diskutéiert ginn, fir eis Finanzsituation laangfristeg ofzesécheren. Et sief hei emol drun erënnert, dass zwee Drëtter vun den Dépenses courantes vum Budget iwwert d'Échelle mobile des salaires indexgeboun sinn. Vu dass d'Tripartite nach amgaang ass déi verschidde Propositionen ze diskutéieren, wär et net richtig hei an zu dësem Zäitpunkt deem virzegräifen. Wichteg ass et awer haut an elo ze ënnersträichen, dass grad am soziale Beräich den Défi vun der Soutenabilitéit finanzière, net nëmmen a Manner un Dépenses, mä och e Besser un Dépense fuerdert.

D'Transferts sociaux, dat wësse mer all, sinn e wichtegt Instrument fir dem Aarmutsrisiko entgéintzewierken. 2004 hunn dës Transferten et erlaabt den Aarmutsrisiko vun iwwer 38% op 11% erofzedrücken. D'Enquêtes hunn awer och gewisen, dass et Ënnerscheeder gëtt tëschent Altersgruppen an ënnerschiddleche Familljesituationen.

Wa mir eng Politik wëllen, déi d'Co-hésion sociale erhält an awer och laangfristeg finanzierbar ass nom Prinzip vun der Equitéit tëschent de Generatiounen, da mussen mer kucken, dass mer prioritär deenen hëllefen, déi et am néidegsten hunn. E gewësse Grad u Selektivitéit dierf also an deene Reflexiounen, déi mer elo féiere müssen, keen Tabuthema sinn.

Ech hunn et scho gesot an ech widerhuelen: Et geet hei net drëm Zweckpessimismus ze bedreiwen, et geet net drëm de Leit onnéideg Angscht ze maachen an et ass irresponsabel ze behaupten, dass sozialen Ofbau bedriwwen gëtt éier een iwwerhaapt e Wuert soe konnt. Et geet hei drëm d'Saachen esou ze soe wéi se sinn. Wa mer iwwert d'Soutenabilitéit vun eise Finanzen an domadder vun eisem Sozialsystem schwätzen, solle mer nämlech net vergiessen, dass mer elo hei net iwwert déi schwätzen, déi am Joer 2050 gebuer ginn. Mir schwätzen iwwert déi, déi elo an der Spillschoul sinn, iwwert déi, déi an eise Primärschoulen a Lycéeën uechtert d'Land séetzen an iwwert déi Jonk, déi am nächsten Hierscht aus der Schoul kommen a gären eng Schaff hätten.

Niewent deene Mesuren, déi kuerzfristeg ze huele sinn, fir de budgetären Equilibre erëm hierzustellen, ass et also och noutwendeg eis Transferts sociaux an hirer Gesamtheit ze analyséieren, fir déi richtig Äntwerten ze fannen, fir deene Leit ze hëllefen, déi net vill Revenuen hunn an domat de Rächtum méi gerecht ëmzeverdeelen.

Wann een iwwert de soziale Budget schwätzt dierf een och net vergiessen, dass eng Aarbecht ze

hunn dee beschte Moya ass géint d'Exclusion sociale. Eng Aarbecht ze hu reduzéiert ëm 38,5% de Risiko an Aarmut ze verfallen. Ëmsou méi wichteg ass et erauszefanne firwat déi Mesuren, déi mer schonns hunn, net richtig ugeschloen hunn, éier mer neier aféieren oder manner neier erëm aféieren.

D'Mëttele sinn ze knapp an de Problem ze vill eescht, fir elo nach laang dorëmmer ze experimentéieren. Et si jo Expertisen an Etüden ugekënnegt an och schonns gefrot ginn. Abee, wa se bis do si müssen dann awer och Neel mat Käpp gemaach ginn.

Am Beräich Aarbecht ass a leschter Zäit iwwerengs vill iwwert de skandinavische Modell geschwat ginn, deen d'Flexibilitéit um Aarbechtsmaart mat engem héijen Niveau u Protection sociale kombinéiert. D'Gewerkschaften hunn dor-iwwer geschwat, op der Patronatssäit gëtt doriwwer geschwat, d'Politiker aus verschiddene Richtungen hunn e mentionnéiert. Mä da mussen mir eis awer emol och dohinner setzen a seriö kucken, ob dee Modell eppes ze bidden huet, fir d'Aarbechtslosegkeet hei am Land an de Grëff ze kréien.

Wat mer op jidde Fall erreeche müssen ass - an ech mengen do si mer eis all eens -, dass mer eise Sozialsystem esou organiséieren, dass esou vill Leit wéi méiglech aus eegene Kräften, dat heescht duerch eng bezuelten Aarbecht, dem Aarmutsrisiko an der sozialer Exclusion entginn.

Am Kader vun de Spuermoossnamen a Compte tenu, dass d'Reserve vun de Spezialfongen an e puer Joer eidel sinn, huet d'Regierung och Moossnamen ugekënnegt am Beräich vun den öffentlechen Investitiounen.

D'Regierung huet notament ugekënnegt dee Wee vun de sou genannte Partenariats publics-privés, kuerz PPPen, wëllen ausprobéieren, mat engem Projet pilote am Beräich Schoulinfrastrukturen.

U sech ass de PPP selwer jo näischt Neies, e gëtt hei zu Lëtzebuerg iwwert de Blais vun der Loi de garantie scho méi laang praktizéiert. No der rezenter Revisioun vun de Methoden, fir d'Dette publique am Sënn vun de Maas-tricht-Kritären ze berechnen, gëllen alldéngs méttlerweile all Engagementer, déi de Stat am Kader vun der Loi de garantie hält, als Deel vun der öffentlecher Verschuldung, well de Stat eben d'Majoritéit vum Risiko dréit.

An Europa sinn England a Portugal déi zwee eenzeg Länner, déi méi systematesch hir öffentlech Investitiounen iwwert de Wee vu PPPe finanzéieren. 70% vum Wäert vun alle PPPen zesummegerechent, déi an der EU ënnerschriwwen ginn, ginn eleng op d'Initiativ vun den Englänner zrëck. PPPen zeeche sech och duerch eng staark sektoriell Konzentratioun aus. Ausser an England, sinn d'PPP-Projeten zu 95% am Transportsektor ze fannen.

Wann een elo weess, dass an Europa 95% vun de Projekten am Transportsektor duerch PPPen - also Public Private Partnership - realiséiert ginn, erlaabt Der mer vläicht an deem Sënn a mengem perséinlechen Numm eng Klamer opzemaachen am Kader vun der Reorientierung vun de Prioritéiten, déi och fir den Transportsektor hei zu Lëtzebuerg gëllen, wou jo 1.385 Milliounen Euro fir den öffentlechen Transport virgesi sinn.

Duerch déi nei politesch Konstellatioun an der Stad Lëtzebuerg ass jo amgaang a Saachen Tram eng nei Situatioun ze entstoen, wou en Tram duerch d'Stad keen Tabu méi

ass - wat mir ausdrécklech be-grëssen -, a wou also en onofhängegen Tram vun der Cloche d'Or duerch d'Stad bis op de Lampertsbiereg an op de Kierchbiereg fuere kann, dee jo da keng Schnëttstelle mat dem CFL-Réseau hätt an nëmmen um Terrain vun der Gemeng Lëtzebuerg géif fuere.

(Interruption)

An deem Sënn sollt ee sech emol iwwerleeën, ob et an enger neier Struktur, an där d'CFL net misst dra sinn, vläicht méiglech wier, dat Ganzt iwwer e PPP ze finanzéieren. Dëst wier en typescht Beispill wéi et am Ausland, wéi gesot, zu 95% gemaach gëtt a wou een hei zu Lëtzebuerg d'PPPen och emol op eng sënnavoll Manéier ausprobéiere kéint. Klammer zou an ech kommen zrëck zu de PPPen an analyséieren, wat dann elo d'Avantage vun de PPPe sinn.

Den Experten no ass e PPP aus dräi verschiddene Grënn méi effikass:

Éischtens, well d'Aktiva am Privatbesëtz sinn. Dat bedeit, dass de Propriétaire eleng sämtlech Décisiounen hält, déi de Coût d'utilisation betreffen. Wann zum Beispill am Héichbau nei a manner deier Konstruktionsmethoden entwéckelt ginn oder am Déifbau nei Revêtement disponibel sinn, déi méi resistent a méi bëlle am Entretien sinn, kann een dovunner ausgoen, dass de privaten Exploitant dës nei Methoden a Materialien och konsequent benotzt, well hien domadder spuere kann, ergo säi Benefiss erhéije kann.

Zweetens, duerch d'Méiglechkeet de Folgekäschte beziungsweise de Fonctionnementskäschte scho während der Planifikatiouns- an der Realisatiounsphas Rechnung ze droen. Wann de private Partner vun Ufank u weess, dass hien net nëmmen eng Struktur baut, mä dass hien och responsabel ass fir d'Exploitatioun während der gesamter ekonomescher Liewensphas vum Projet, dann ass hien och bereet während der Konstruktionsphas Investissementer ze maachen, déi him duerno erlaben d'Entretien-käschte méi niddereg ze halen. Dat dréit dozou bäi d'Käschten iwwert de gesamten Zyklus vum Projet ze reduzéieren.

Drëttens, duerch d'Deele vun de Risiken a vun der Rémunératioun vum Projet. Wann e Partner e Risiko droen oder matdroe muss, da kuckt hien, dass alles, wat dëse Risiko negativ beaflosse kéint, esou wäit wéi méiglech eliminéiert gëtt. Den Transfert vum Risiko dréit also tendenziell zu enger méi effikasser Exekutioun vun engem Projet bäi andeems en d'Gestioun vun de Risikoe verbessert.

Insgesamt wiere mat PPPe gutt Resultater erreecht ginn, wann een dës Projekten dorunner moosst, ob si an den Délaien a mat dem geplangte Budget konnte realiséiert ginn.

Et gëtt alldéngs och drop higewisen, dass d'Duerchféiere vun engem PPP keng einfach a keng bëlle Saach ass. Praktesch Erfahrungen hätte gewisen, dass d'Käschte vum Appel à la concurrence, vun de Verhandlungen a vun der Mise en place a Gestioun vun engem PPP héich sinn an oft ënnerschat ginn. Déi finanziell Virdeeler, déi d'Bedelegung vum private Sektur un esou Projekte matbréngen, ginn op dës Manéier erëm zum Deel reduzéiert.

Virun allem awer och huet d'praktesch Erfahrung gewisen, dass d'Capacitéit vum Sektur public, esou Projekten ze géréieren, en ausschlaggebende Facteur ass, fir d'Performance vun engem PPP. Ech zitieren hei de President vun der Europäescher Investitiounsbank: «L'autorité publique responsable doit disposer des ressources humaines et matérielles nécessaires pour gérer un projet PPP en tant que partenaire égal, sinon elle risque de se laisser 'mener en bateau'.» An anere Wieder, iwwert de

Wee vu PPPen ze fuere, entbënn d'öffentlech Hand net vun hirer Responsabilitéit. E PPP ka wuel aus engem gudde Projet e méi ee bëllege Projet maachen, mä hie kann net e schlechte Projet an e gudde Projet verwandelen.

Wéi schonns éineschters erwähnt, huelen d'Reserve vun deenen zielef Haaptinvestissementsfongen an deenen nächste Joren of - se huele fern of. Den 1. Januar 2004 waren 1,8 Milliarden Euro an dëse Fongen. Dem Programme quinquennal no wäerte se den 31. Dezember 2009 387 Milliounen Euro am Minus sinn. Ouni déi Emprunten, déi d'Regierung an deenen nächste Jore wëlles huet opzehuelen, misste mer schonn am Laf vum Joer 2007 mat engem Minus rechnen.

Duerfir ass et gutt, dass d'Regierung dëst Joer souwuel d'Prioritéiten, wéi och e Moratoire fir verschidde Projekte presentéiert huet. Et wier nach besser gewiescht, wa mer méi genau Zuele kritt hätten, wat dat alles insgesamt kascht, wat mer brauchen, wat mer baue müssen a wat mer baue wëllen.

Sécher, et ass gutt den Invest héich ze halen, well den Invest gutt ass fir d'Wirtschaft. Och do kann een awer net éiweg laang iwwer seng Verhältnisse liewen. Eis Zentralbank huet d'Rechnung emol gemaach. Wa mir un eisem Bauprogramm, wéi en am Plan pluriannuel steet, festhalen a soss näischt maachen, fir den Defizit vun der Administration centrale an de Grëff ze kréien, da geet et op eemol ganz schnell. Da geet innerhalb vun zéng Joer eis Bruttoverschuldung op 31% vum PIB erop.

Et kann op jidde Fall net sinn, dass d'Sanéierung vun eise Finanzen just iwwert de Wee vun enger ondifférenzéierter Kompressioun vum soziale Budget erreecht gëtt.

Och am Beräich vun der öffentlecher Baupolitik muss eppes passéieren. Mir kënnen net weider just en termes de volume et de prestige denken. D'Projete müssen ënnert dem Gesichtspunkt Käschten-Notzen analyséiert ginn an da solle prioritär déi gebaut ginn, déi d'Croissance vum Land ënnerstëtzen a favoriséieren. A Projekte mussen käschtegegenschteg realiséiert ginn. Mir mussen standardiséieren. Mir müssen d'Aarbechte besser suivéieren. Mir müssen also net nëmmen eise soziale Budget am Sënn vun enger méi soutenable a méi gerechter Ëmverdeelung iwwerdenken, eise Programm fir de Bau vun öffentleche Strukturen muss och méi zilorientéiert ginn.

Et ass ganz sécher richtig, Prioritéiten am éducative Beräich ze gesinn, zumools wann ee weess, dass mer am Joer 2010 e Manktum vu 7.800 Plazen an eise Schoule wäerten hunn. Mir müssen nom Plan directeur sectoriel «Lycées» vun 2004 sechs nei Lycéeën bauen, mat enger jeeeweileger Capacitéit vun 1.300 Élève. Hei hoffe mer, dass och déi nei Spillregelen, déi de Bauminister Claude Wiseler ausgeschafft huet, voll zum Droe kommen, fir méi effizient, méi standardiséiert, méi bëlle a méi séier ze bauen. Hei kënnen da jo PPPen zum Droe kommen, wou awer eis Lëtzeburger Economie - an dat wëll ech ënnersträichen - net op der Streck dierf bleiwen.

Fir méi effizient ze baue geet et awer schonn u bei der genauer Festleeung vun de Besoinen a beim Opstelle vun de Cahiers des charges. Déi mussen ganz minutiös opgestallt ginn, wou d'Käschtefro bei all Positioun muss matabezu ginn a wou e Contrôle a priori an dësem Beräich muss gemaach ginn, an organisierter Form, soss ännert dee beschte Suivi a Contrôle a posteriori näischt an deem aktuellen Zoustand. Dëst ass am Zäitalter vum „copy/paste“ wichteg, dass sech ëmmer erëm Froe gestallt ginn, dass mer eis déi sou genannte «Culture de la contestabilité» verinnerlechen, wou keng Mesure méi en Acquis

ass, mä ëmmer erëm muss nei evaluéiert ginn.

Als Beispill kann ee soen, dass beim Bau vun der Zuchstreck vum TGV-Est d'Cahiers des charges en concurrence d'efficience gesat gi sinn, wou da verschidde Bureaux d'études Käschtereduktiounen en toute responsabilité technique studéiert hunn. Déi Büroen, déi dat beschte Resultat als Spuerpotenzial konnten opweisen, kruten en Zouschlag fir d'Exekutioun vum Dossier, woumat si awer och an der Responsabilitéit bleiwen.

Dass mir déi virgesinne Baute fir d'europäesch Institutiounen och weider esou exekutéieren, wéi virgesinn, ass jo kloer, well den europäesche Site hei zu Lëtzebuerg dierf zu kengem Moment a Fro gestallt sinn.

Prioritéit am Stroossebau huet d'Nordstrooss zwësche Miersch a Lëtzebuerg mat den Tunnelen duerch de Gréngewald fir ëmmerhin 630 Milliounen Euro,...

(Interruption)

...duerfir soll een elo net schonn erëm aner Etüden op den Dësch leeën, éier een den Impakt vun dëser Strooss gesäit.

An där ganzer Debatt iwwert d'Soutenabilitéit vun eise Finanzen därfe mer nämlech net vergiesen, dass mer net nëmme Sue brauche fir a Steng, Bëton, Schinnen, Kabelen an Antennen ze investéieren, mir mussen och an d'Mënschen investéieren. D'Ekonomiste benotzen do e manner schéinen Term, si schwätze vum Capital humain. Mä et bleift richtig, dass mer nach méi an deene Beräicher mussen investéieren, wou sech an der Zukunft eis Kompetitivitéit ofspillt, wou sech déciéiert, ob mer an Zukunft nach e Wuert matschwätzen oder net. Rieds geet vun der Wëssensgesellschaft. An e Bléck an eise Plan national pour l'innovation et le plein emploi weist op, dass do nach alles ze geschéien huet.

Am Budgetsrapport fannt Dir e ganzt Kapitel zum Thema Kompetitivitéit. Et ass hei wichteg drun ze erënnere, dass mer eis an deenen nächste Jore vill am Beräich Educatioun an Innovatioun virgeholl hunn.

Wann ee vu Kompetitivitéit schwätzt, spillen héich Lounkäschten oder héich Ëmweltnormen natierlech eng wichteg Roll. Mä et ass eng Illusioun ze mengen, mir kéinten duerch Sozial- oder Ëmweltdumping eis Kompetitivitéit op den internationale Mäert garantéieren. Deenen neie Konkurrenten aus Mëttel- an Osteuropa oder aus Asien, Indien a China, déi hei ëmmer erëm ugefouert ginn, kënnen mer op deene Punkten d'Waasser net reechen. Déi eenzeg Chance, déi mer hu fir eis Positioun am internationale Wettbewerf ze verdeedegen, ass déi besser Wueren ze produzéieren an déi besser Dëngschleeschtungen unzéibidden. Eis Stäerke kënnen nëmmen d'Qualitéit an d'Originalitéit vun eise Produkter a Servicer sinn. Mä fir dës Qualitéit an Originalitéit hierzestellen, brauche mer eng héich qualifizéiert Main-d'œuvre.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Matière grise ass also eist Kapital vun der Zukunft. Déi enttäuschend Resultater vun der éischter PISA-Etüd an déi nëmme weéng besser Resultater vun der zweeter Etüd, déi vill schoulesch Echecen an awer och deen niddregen Taux vu jonke Leit, déi op enger Uni studéieren an en Héichschouldiplom décrochéieren, sinn en Zeechen, dass mer a Saache Wëssensgesellschaft e Retard op eis Haaptkonkurrenten opgebaut hunn, dee mer onbedéngt mussen ofbauen.

Ech hunn uganks vu menger Ried op eng Diskrepanz higewisen, an zwar dass mer nei Aarbechtsplazen zu dausende schafen, de Chômage awer kontinuéierlech an d'Luucht geet, an dat schonn zën-

ter Joren. Ech mengen, et ass net falsch hei, nieft aneren Ursaachen, och de Lien mat der Qualifikatioun vun eisen Demandeurs d'emploi ze maachen. An duerfir mussen mer an d'Educatioun an an all hir Reformen investéieren. Dat fänkt u beim Précocé, wou d'Basis geluecht gëtt fir d'Chancëgläichheet an eiser Gesellschaft, souwuel fir déi lëtzebuergesch wéi fir déi auslännesch Kanner. Dat geet weider iwwert de Primaire, de Secondaire, d'Formation professionnelle an d'Formation continue bis bei d'Héichschoulen.

An der Wëssensgesellschaft mussen mer och duerfir suergen, dass eis jonk Leit vun Ufank un net a Retard kommen. Duerfir mussen mer ganz ënnen ufänken - d'Gläichheet fänkt am klengen Alter un - a generell Ganztagsbetreuung an eise Gemengen aféieren, an dat och vum Stat deementsprechend subventionéieren.

Wann ech hei vun Héichschoule schwätzen, da muss ech natierlech och meng Satisfaktioun driwwer zum Ausdrock bréngen, dass de Budget 2006 substanzéiell Erhéijunge vun de Kreditter fir eis Uni Lëtzebuerg virgesäit, an zwar op 48,7 Milliounen. Dat entsprécht enger Progressioun vun eppes méi wéi engem Drëttel am Vergläich zum Budget 2005. Ech wëll dat hei ervirsträichen an eiser Regierung ausdrécklech zu dësem Choix félicitéieren.

Och am Beräich vun der Recherche an der Innovatioun gesäit de Budget 2006 zousätzlech Dépense vir. Eleng am Budget vum Ministère de la Recherche et de l'Enseignement supérieur ginn d'Kreditter fir d'Fuerschung ëm 10 Milliounen Euro oder 19% an d'Luucht. Do kommen nach déi Zommen derbäi, déi iwwer aner Ministère fléissen, notament iwwert d'Wirtschaftsministère an iwwert d'Classes moyennes. Och hei ass net op der falscher Plaz gespuert ginn an et sinn d'Kreditter, déi der Innovatioun an der Promotioun vum Esprit d'entreprise zegutt kommen, déi gehéicht goufen.

Mä mer mussen awer wëssen, dass mer trotz dësen Efforten nach e wäite Wee zrëckzeleeën hu bis mer d'Ziler erreechen, déi mer am Kader vun der Lissabon-Strategie, an do speziell vum sou genannten Objectif de Barcelone, erfëlle mussen. Den Objectif de Barcelone gesäit nämlech vir, dass mer bis 2010 3% vun eisem PIB fir d'Fuerschung an d'Entwécklung ausginn. Dovunner sollen am Prinzip 2% vun der Privatekonomie kommen an 1% vum Secteur public. Am Moment, dat heescht no den Zuele vun 2003, hunn déi staatlech Dépense fir d'Recherche awer nëmmen 0,3% vum PIB erreecht, während de Privatecteur mat ongeféier 1,6% sengem Zil scho relativ no komm ass. Hei muss een natierlech nuancéieren, well de Groussdeel vun de privaten Dépense fir Recherche an Développement vun e puer grouse Betriber opbruecht gëtt.

Mir schéngt et duerfir besonnesch interessant ze sinn, ze kucken, wéi sech de Stat nach besser mat sengen Hëllef fir d'Fuerschung an d'Innovatioun un d'Kleng- a Mëttelbetriber kann adresséieren, dat Ganzt natierlech am Kader vun deem, wat Bréissel eis erlaabt. Si mussen den Accès zu den neien Technologie kréien; si mussen méi vum Transfert vun Technologie an Know-how profitéieren.

Mir sollen net vergiessen, dass de Mëttelstand en enormt Innovatiounspotenzial huet, dass hien Aarbechtsplaze schafft, an - wat net onwichtig ass, wann ee vun Aarbechtsplazen, mä awer och vu Subsidë schwätzt - et si Betriber, déi vläicht manner ufälleg si fir Délocalisatiounen an d'Ausland ewéi Filiale vu multinationale Konzernern.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet net eleng duer, dass mir méi Suen ausgi fir Fuerschung, Entwécklung, Innovatioun, fir den Esprit d'entreprise ze förde-

ren oder fir d'Uni Lëtzebuerg opzebauen: Et ass op d'mannst grade-sou wichteg, dass eis Dépense effikass a cibléiert agesat ginn. Wa mir eis limitéiert Moyenen an Zukunft optimal wëllen asetzen, da mussen mir Double-emploien a Gas-pillage vermeiden an dofir suergen, dass och d'ekonomesch an d'gesellschaftlech Retombéeë fir d'Land, seng Leit a seng Entreprisë méiglech grouss ausfalen.

Duerfir mussen Aktivitéiten, déi mat eiser Fuerschung an Innovationspolitik zesummenhänken, op allen Niveauen a mat allen Acteure besser koordinéiert ginn. Mir sollen eis op e puer spezifesch Beräicher konzentréieren, an deenen d'Investissementer vum Privatsecteur a vum öffentleche Secteur zu Synergie kënnen féieren. Ech denken hei un d'Kreatioun vu sou genannte Grappes technologiques, oder Clusteren an un den Ausbau vun de Pépinières d'entreprises.

Doniewent mussen mer awer och kucken, datt mer eng confortabel Marge de manœuvre financière behalen, well kuerzfristeg grouss Défien op eis duerkommen, déi eis Finanzen ferm belaaschte wäerten.

An do Stéchwuert Kyoto. Mir hunn eis am Kader vum Kyoto-Protokoll engagéiert bis an d'Joer 2012 d'Emissiounen vun Zäregasen, haaptsächlech vun CO₂, op den Niveau vun 1990 zrëckzeschrauwen. 1998 hu mer gemengt, dat wier kee Problem fir eist Land. Jiddferen heibanne weess och, firwat dat esou war: Duerch d'Ëmstellung vun den Héichwien op modern Elektrostolwierker huet sech eise Kyoto-Bilan um Niveau vun den Emissiounen, déi vun der Industrie stamen, drastesch verbessert. Esou si mir dann och effektiv am Joer 1998 ënner eist festgesatent Zil vun néng Milliounen Tonnen CO₂ an eisen Zäregase komm. An och nach am Joer drop si mir knapps ënner eisem Burden-sharing-Zil bliwwen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, leider ass eis Situatioun a Saache Kyoto haut eng ganz aner wéi nach viru sechs, siwe Joer. Wou si mir haut drun? Am Joer 2004 hu mir mat 12,6 Milliounen Tonnen Zäregasen den Niveau vun 1990 nees iwwerschritt, wou mir dach am Fong missten 28% drënner leien. D'Prognos vum Kölner FiFo-Institut, déi den Här Ëmweltminister der Finanz- an der Budgetskommissioun virstelle komm ass, weist, dass eis Emissiounen risquéieren nach weider an d'Luucht ze goen op iwwer 14 Milliounen Tonnen am Joer 2012.

Deen déckste Batz vun den Emissiounen, d'Halschent ongeféier, geet op de Kont vum Stroosseverkehr, an op déi Energieeffizienz setzen. An der Industrie, wou den Energieverbrauch als Käschtefaktor betruecht gëtt, spillt d'Energieeffizienz haut schonn eng wichteg Roll.

Wat sinn dann elo d'Méiglechkeeten, fir eis Ziler awer nach ze erreechen, respektiv den Delta méiglechst kleng ze halen? An éischter Linn mussen mir Energie aspueren an op méi Energieeffizienz setzen. An der Industrie, wou den Energieverbrauch als Käschtefaktor betruecht gëtt, spillt d'Energieeffizienz haut schonn eng wichteg Roll.

An de private Stéit hu mir awer nach en Aspuerpotenzial, wat op 200.000 bis 300.000 Tonnen CO₂-Equivalenten d'Joer geschat gëtt. Mir kënnen spueren duerch eng besser Isolatioun vun den Haiser, d'Ersetze vun alen Heizungen, zum Beispill duerch Brennwaertkessel, d'Förderung vun Niddregenergie a vu Passivhaiser, duerch d'Ersetze vun den elektreschen Apparater an esou weider.

Mir mussen och versichen, eisen Undeel vun alternativen erneierbaren Energien an eiser Stroumproduktioun an d'Luucht ze setzen, vu dass bis 2012 souwisou 5,7% vun eisem Energieverbrauch duerch erneierbar Energië sollen ofgedeckt ginn.

An natierlech kënnen mer eise Bilan nach immens verbessern, andeems mer den öffentlechen Transport konsequent ausbauen a weider op e „modal split“ vu 25/75 hyschaffen.

Fir e ganz konkreten Usaz vun eisem „modal split“ a Richtung 25/75 ze drainéieren, an awer och e prezise Schrëtt a Richtung manner Tanktourismus ze maachen, fir eis Kyoto-Rechnung ze probéieren zum Deel auszebalancéieren, bei enger permanent steigender Zuel vu Frontalieren, wou de Gros vun de Leit aus Frankräich an noer Zukunft bei 70.000 leie wäert, mussen mir eis Prioritéiten a puncto Eisebunnsinfrastrukturen aus dem Sillon mosellan Richtung Stad Lëtzebuerg checken – net zulescht weinst dem TGV-Est, duerch dee mir optimal Infrastrukture brauche zwësche Beetebuerg an eiser Haaptstad, fir net permanent Retarden am Zuchbetrieb ze generéieren.

Vum Referenzwäert vun 1990 si mir am Transportberäich vun 2,59 Milliounen Tonnen CO₂ am Joer 2004 op 6,76 Milliounen Tonnen CO₂ an d'Luucht gaangen. Do kënnen mir nëmmen eppes erreechen, wa mir elo konsequent den öffentlechen Transport ausbauen. Duerfir soll elo endlech eppes um Terrain geschéien.

Wat hënnert eis dann dorun, den Tronçon vun der Place de l'Europe bis bei den Utopolis ze bauen? Näischt, well dësen Tronçon ass souwuel fir den Train-tram wéi och fir den Tram léger ze fueren, an op déiselwecht Manéier ze bauen.

Mir schéngt et éischter esou ze sinn, wéi wa mat dëser ganzer Diskussioun am Endeffekt hei guer näischt geschitt. An dann ass en Deel vun deenen 1.385 Milliounen Euro fir den öffentlechen Transport gespuert, wat – esou hoffen ech – jo net d'Zil vun der Diskussioun ass, well eise „modal split“, deen elo bei 12 bis 13% läit a jo op 25% komme soll – an dat wäert Dir gesinn –, gëtt nach méi schlecht an eis Kyoto-Engagementer kënnen mir iwwerhaupt net anhalen. An da mussen mir dat méi deier bezuelen iwwert de Statsbudget.

Den Ëmweltminister huet jo bekanntlech déi sou genannte Potenzialstudie beim Dokter Ewingmann an Opdrag ginn, fir feststellen, ob wéi enge Plaze mir hei zu Lëtzebuerg nach Aspuerpotenzialer hunn, fir eise Kyoto-Ziler méi no ze kommen. Am Kader vun dëser Etüd gëtt jo och dee faméisen Tanktourismus ënnersicht. Eng speziell Form vun Tourismus – an dat soll een net vergiessen, Här President –, deen e ganz beträchtlechen Deel vun eise Recetten am Statsbudget ausmécht.

Deen zweeten Deel vu Kyoto, duerch dee mir hei am Land ganz vill Energie spuere kënnen, ass dee vun de gebailechen Infrastrukturen, dëst sief et bei de Privathaushalter wéi um Niveau vun den Entrepreneuren oder den öffentlechen Arichtungen. An dësem Kontext läit d'EU-Direktiv 2002/91/CE vum 16. Dezember 2002 iwwert d'Performance énergétique des bâtiments vir, déi a Lëtzebuerger Recht ëmgesat soll ginn. Ech mengen, dat solle mir dréngend maachen.

Ausserdeem bidde sech an deene verschiddene Sparten am Ëmweltberäich vill Méiglechkeeten vun neien Aarbechtsplazen un.

Wat kascht eis Kyoto dann elo am Statsbudget an deenen nächste Joren, dat heescht an der Period 2008 bis 2012, wa mir tatsächlech mussen Rechter kafen oder Strofe bezuelen? Fir lech eng Iddi ze ginn: Am leschten hallwe Joer huet

eng Tonn CO₂ op den europäesche Boursen, wou mat CO₂-Zertifikater gehandelt gëtt, zwëschent 20 a 25 Euro kascht. Wa mir also tatsächlech am Zäitraum 2008 bis 2012 eis Kyoto-Ziler ëm ongeféier fënnf Milliounen Tonne verpassen, da mussen mir all Joer fir ee Minimum vun 100 Milliounen Euro Rechter kafen, respektiv Projete réaliséieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech erspueren lech hei déi Zeenarioën, wou eng Tonn CO₂ 40, 50, 60 Euro kascht.

Am Budget 2005 hat d'Regierung fënnf Milliounen Euro ageschriwwen, fir deen neie Kyoto-Fong ze alimentéieren, am Budget 2006 ass d'Zomm op zéng Milliounen verduebelt ginn. Et ass evident, dass déi nei Zommen net wäerten duergo fir deen Défi, dee Kyoto duerstellt, ze meeschteren, à moins dass mir bis 2008 eis Emissiounen vun Zäregasen awer drastesch reduzéiert kréien. Am anere Fall misst sech d'Regierung iwwerleeën d'Emissiounsrechter léiwer haut wéi mar ze kafen, wou se eis nach net d'Aen aus dem Kapp kaschten.

Spéitstens op dësem Punkt muss jidderengem bewosst ginn, dass Nohaltegkeet e Präis huet an dass Nohaltegkeet am Ëmweltberäich an Nohaltegkeet am budgetäre Beräich zwou Säite vun därselwechter Medail sinn.

Déi aner Erausforderung, vun där ech lech geschwat hunn, ass de Vieillissement vun eiser Populatioun. Mir sinn zu Lëtzebuerg nach ëmmer gutt drun, mir hunn eng relativ jonk Populatioun a virun allem ass eis Relatioun vun den Aktive par rapport zu den Inaktive bis elo ganz favorabel gewiescht, notament weinst der staarker Immigratioun vu jonken Aarbechtskräften an deene leschten 20 Joer.

Mä et bleift awer, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass och eis Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg méi al gëtt. An an deem Mooss, wéi sech eis Bevölkerungsstruktur verännert, muss sech och de Stat verännere, muss e sech upassen.

Do stellt sech natierlech d'Fro vun de Pensiounen. Am Fréijoer huet d'Europäesch Kommissioun hire Bericht 2005 erausginn iwwert d'öffentlech Finanzen an den EU-Memberstaten. No hire Berechnungen verschlechtert sech de Ratio zwëschen Aktiven a Leit, déi eng Pensioun bezéien, och wann deen exceptionnel héijen Taux de croissance de l'emploi, dee Lëtzebuerg an deene leschten 20 Joer kannt huet, géing viru bestoen. Duerch d'Dépenses, déi dorausser entstinn, géing eis Bruttoschold am Joer 2030 32% vum PIB erreechen a souguer 50% am schlémmsten Zeenario.

En Zougrëff an d'Reserve vun de Pensiounen oder awer d'Reckschrauwe vun der staatlecher Kontributioun bréngt op jidde Fall laangfristeg guer näischt. Et léist net d'Soutenabilitéitsproblemer vun de Pensiounen an et léist op kee Fall d'Defizitfro, well no de Maastrichter Kritären nëmmen op d'Administration générale gekuckt gëtt.

Doriwwer eraus stellt sech de Problem vum Service public. Déi demographesch Evolutioun vun eiser Bevölkerung wäert och grondleeënd d'Strukture vun eisem soziale System verännere. Dat wat haut en Éventail approprié vum Service public ass, wäert a 15 bis 20 Joer wahrscheinlech net méi adequat sinn. An anere Wieder, d'Demande fir e qualitativ gudder Service public wäert net ofhuelen, mä zouhuelen.

A fir dass de Stat déi Servicer ubidde kann a mir eis déi Servicer dann och leeschte kënnen, mussen Entscheedungen haut an net eréischt mar falen. Der OECD no representéieren nämlech hautdësdays an den industrialiséierte Länner Dépenses, déi direkt oder indirekt mam Vieillissement démographique zesummenhänken, am

Duerchschnëtt 40 bis 50% vum PIB.

Ze waarden, bis d'Situatioun internabel gëtt, ass also irresponsabel vis-à-vis vun all deenen, déi haut kollektiv, duerch hir Aarbecht an duerch d'Steieren, déi se bezuelen, zum Wuelstand vun eise Land bäidroen, a vis-à-vis vun eise Kanner, deene mir och mar nach gären eng anstänneg Ofsécherung géingen offréieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt also, an deenen nächste Jore kënn vill op eist Land zou a mir musse kucken, dass mer dat alles packen, ouni eis finanziell ze verrennen.

An eise Rapport hu mir d'Regierung opgeruff, sech un hiren Objectif budgétaire ze halen, dat heescht d'Progressioun vun den Dépenses an Aklang ze brénge mam wirtschaftleche Wuesstum.

Mir hunn awer och - an dat ass genausou wichteg - drop higewisen, dass et net duergeet, d'Dépensé wahllos ze kierzen, bezéiungsweis Ajustements budgétaires duerchezboxen. Wann ee just dat mécht, dann huet een zwar gutt geschafft, well Enn des Joers d'Zuelen opginn, mä dat heescht awer nach laang net, dass déi Mëttelen, déi agesat gi sinn, eis Croissance économique dann och gläichzäiteg stimuléieren; zu deem Sujet seet eis Norme budgétaire awer net vill aus.

Sech budgetär Regeln ze ginn, heescht och Choixen ze treffen. D'Kritäre vum europäesche Stabilitéits- a Croissancepakt si bekannt, mä et ass all Land fräigestallt, wéi et déi Kritären anhält. D'Fro ass also: Wat hale mir an eise nationale Stabilitéitspakt fest? Wat ass fir eis deen adequaten Objectiv: den Niveau vun der Dette, vum Defizit oder vun den Dépenses? A wéi eng Elementer gesi mir als Investissementsdépenses un?

Sécher, öffentlech Investitiounen hunn incontestablement Avantage fir déi zukünfteg Generatiounen, well si och dovunner kënnen Gebrauch maachen. Mä sinn d'Dépenses courantes am Beräich Education zum Beispill net och en Investissement an d'Zukunft? Dat sinn alles Froen, déi nach op Äntwerte waarden.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Den Objectif ultime vun eiser hausgebakener Norme budgétaire ass jo och u sech, fir den Undeel vun den Dépensé par rapport zum PIB ze stabiliséieren. Da muss een awer a Fro stellen, ob de jëtzen Niveau vun eisen Dépenses och adequat ass an ob d'Kompositioun vun deenen Dépenses déi richtig ass.

Sécher, eng rigouréis Maîtrise vun den Dépensé kann eis erlaben de budgetären Equilibre kuerzfristeg erëm hierzestellen. Eng laangfristeg Soutenabilitéit - an dat hu mir och an eise Konklusioun widderholl - verlaangt strukturell Reformen. Mä och déi zwee zesumme si keng Garantie, dass d'Action publique effikass ass. Dat kann een nëmme garantéieren, wann ee politesch Aktiounen systematesch evaluéiert.

«L'indifférence au réel est à la limite supportable dans une société riche, où les conflits se règlent par l'empilement de nouvelles mesures associées à de nouvelles dépenses... Pour combien de temps encore pourrions-nous avoir cette désinvolture?» (Sylvie Trosa, docteur en droit public).

An deene leschte 15 Joer hu vill europäesch Länner hir öffentlech Gestiou reforméiert, well se budgetär Contrainten haten, well se eng méi effikass Utilisatioun vun den öffentleche Gelder ugepeilt hunn, an och aus der Suerg eraus d'Politike vum Stat méi transparent ze gestalten.

D'Fuerderung, fir och emol bei eis de Compteur eng Kéier op null ze

setzen an ze kucken, ob eis Dépensé richtig agesat ginn, ass net nei. De Statsrot huet dat scho virun zéng Joer proposéiert am Kader vu sengem Avis iwwert de Budget vum Joer 1996. An déi Demande daucht säitdeem regelméisseg Joer fir Joer op. Mir hu jo dann ëmmer behaupt, dass den Exercice ze komplizéiert ass.

Abee, eis franséisch Noperen, déi jo net am Verdacht sti besonnesch reformfreedeg ze sinn, hunn deen Exercice gemaach. Vun 2006 u presentéiert sech de Budget net méi - wéi nach ëmmer bei eis - an engem décke Buch mat honnerte vun Zeilen.

Vun 2006 u votéieren d'franséisch Deputéierten net méi e Budget, deen an 850 Chapitelen d'Kreditter vun de Ministère hermetesch duergestallt huet. Si votéiere 34 Missiounen, déi de Kader vun der Politik vum Stat duerstellen. Eng Missioun ka sech op ee Ministère reflétéieren, wéi zum Beispill d'Mission Education, oder awer verschidde Ministère betreffen, wéi zum Beispill d'Mission Recherche an Enseignement supérieur.

Vun 2006 u votéieren d'franséisch Deputéierten net méi en bloc honnerte vu Kreditter, déi Joer fir Joer erëm presentéiert ginn a wou kee méi weess, wat am Fong hannendru steet. D'Députéiere votéieren eng 130 Programm. E Programm regroupéiert d'Moyenë vun enger öffentlecher Politik, déi vun engem Ministère bedriwwen gëtt, fir strategesch Objektiver ze konkretiséieren.

All eenzelne Programm entsprécht also engem kohärenten Ensembl vum Aktiounen, déi engem Responsable de programme uvertraut ginn, eng Persoun, déi vum jeeweilege Minister designéiert gëtt.

De Responsable de programme kritt eng global Enveloppe vu Kreditter, déi him et erlaaben déi Mëttelen anzesetzen, déi him am beschte géeegeent schéngen, fir d'Objektiver ze erreechen, déi zréckbehal gi sinn. De Programm ass ënnerdeelt an Aktiounen, déi d'Finalitéit vum eenzelne Programm detailléieren. De Programm „Gestion fiscale et financière de l'État et du secteur public local“ ass zum Beispill ënnerdeelt a Fiscalité des grandes entreprises, Fiscalité des PME, Fiscalité des particuliers, an esou weider.

D'Aktiounen zeechnen also méi am Detail op, a wéi engen eenzelne Beräicher d'Moyenë vun der globaler Enveloppe agesat ginn. D'Repartitioun vun den Dépenses prévisibles fir déi verschidden Aktiounen ass awer just à titre indicatif ugin. De Responsable de programme pilotéiert en Ensembl vum Aktiounen ouni duerch limitativ Kreditter agéengt ze sinn. Déi eenzeg Limite, déi hien huet, ass d'global Enveloppe, déi hie fir säi Programm kritt.

D'Contrepartie vun deser Fräiheet ass den Engagement d'strategesch Objektiver, déi festgehalen sinn, awer och ze erreechen. Op all Echelon muss also Responsabilitéit iwwerholl ginn, jiddferee muss seng Resultater rechtfertegen kënnen. Erreecht gëtt dat duerch d'Mise en place vun engem Dispositif de pilotage par les performances, deen d'öffentlech Aktioun steiert, duerch d'Aféierung vun der Comptabilité analytique, déi derzou bäidréit d'Performancen ze moossen, an duerch eng systematesch Evaluatioun vun de Programmer, fir ze kontrolléieren, ob dës Programmer hir Ziler och erreechen.

D'Reforme budgétaire, déi eis franséisch Noperen duerchgezunn hunn - iwwregens op Initiativ vun der Assemblée nationale -, ass also net einfach nëmmen en technesch Aménagement, et ass eng regelrecht budgetär Revolution. De Budget gëtt net méi an enger Logik vu Moyenen opgestallt, mä an enger Logik vu Resultater. Doduerch gëtt e konkrete

Lien geschafen tëschent politesch Prioritéiten, déi eng Regierung sech stellt, a budgetäre Moyenen, déi se sech gëtt, fir déi Prioritéiten an Ziler ze erreechen.

Wéi dee fréiere Finanzminister a Coauteur vum neie franséische Finanzgesetz, Alain Lambert, gesot huet: „D'Qualitéit vun engem Minister a vu senger Politik soll u senger Resultater gemooss ginn, an net un de Kreditsteigerungen, déi säi Ministère kritt huet.“ Déi nei franséisch Loi Organique des Lois de Finances, oder kuerz LOLF, féiert elo zwou grouss Neierungen an.

Éischtens favoriséiert se d'Moderisatioun vun der öffentlecher Gestiou andeem se eng Kultur vun der Performance a vun der Responsabilitéit aféiert. Dëst geschitt iwwer strategesch Ziler, déi d'Prioritéit vun der öffentlecher Aktioun konkretiséieren. Dës strategesch Ziler concernéieren dräi Dimensionen vun der Performance:

Mir hunn éischtens, den Aspekt vun der sozioekonomescher Effikassitéit. Wat ass den Impakt vun eiser Aktioun? Huet se dat sozioekonomescht Resultat, dat mir eis erhoffen? Zum Beispill: Sinn déi Mëttelen a Mesuren, déi mir am Beräich Fiscalitéit asetzen, déi richteg, fir d'Fraude fiscale ze répriméieren?

Zweetens gëtt et Qualitéitsziler, déi den Usager betreffen, ob hien elo dobaussen de Bierger ass oder en anere Beamten. Bei der Action fiscalité sinn d'Qualitéitsziler, zum Beispill d'Steierklärung duerch nei Technologien ze erliichten, oder de PMEen en eenzegen Interlocuteur fir all Steuerproblemer zur Verfügung ze stellen.

Drëttens hu mir Effizienz ziler um Niveau vun der Gestiou. Ziler also, déi de Steuerzueler interesséieren. Hei geet et doréms ze kucken, wéi een d'Servicer vum Stat méi effizient kéint gestalten. Fir beim Programm Fiscalitéit ze bleiwen, kéint hei een Zil sinn, d'Gestiounskäschte vun der Besteuerung ze reduzéieren.

Et gëtt also keen direkte Lien gemaach tëschent sozioekonomesche Resultater a finanzielle Mëttelen. Fir d'éischt gëtt gekuckt, ob dat, wat de Stat ubitt, dat Richteg ass. Da gëtt gekuckt, wéi d'Qualitéit vun deem Service ka verbessert ginn. A wann dat bis feststeet, gëtt gekuckt, wéi een dat ganz effizient an effikass ka gestalten. An anere Wieder, de Passage vun enger Logique de moyens op eng Logique d'objectifs heescht net, dass just nach nom Prinzip „coût-efficacité“ gefuer gëtt.

An et gëtt keng mechanesch finanziell Konsequenz op Basis vun de Resultater. E schlecht Resultat entraînéiert weder eng automatesch Diminutioun vun de Kreditter nach eng automatesch Augmentatioun. Nëmmen eng déif gräifend Analys vum Resultat determinéiert, wat ze geschéien huet.

Doriwwer eraus ass dëst och sécherlech eng Approche, déi der Réforme administrative am Allgemengen, a méi prezis der Simplification administrative, zegutt kënnt: duerch d'Autonomie, déi d'Administratiounen an der Gestiou vun hire Fonge kréien, duerch d'Kultur vun der Responsabilitéit, déi esou favoriséiert gëtt, duerch d'Qualitéitsdenken, dat promouvéiert gëtt, an duerch d'Recherche vun der Effizienz, déi den Ofbau vun onnéideger Bürokratie an d'Asetze vu modernen Technologien ukuerbelt. Zu Lëtzebuerg schwätze mir scho laang doriwwer. Dëst wär elo d'Geeleehheet emol endlech Neel mat Käpp ze maachen.

Déi aner grouss Erneuerung, déi d'LOLF bréngt, ass d'Transparenz vun der Information budgétaire, déi et finalement dem Parlament er-

laabt senger Kontrollfunktioon gerecht ze ginn. Dëst ass eng aner Dimensioun, déi hei zu Lëtzebuerg aktuell ass. Ech schwätzen elo nach net emol iwwert d'Méiglechkeet Amendementer ze maachen, mä einfach fir ze wëssen, wat hannernt deenen honnerte vun Zuele stécht.

Wat maache mir als Deputéierten, wa mir eist déckt Buch hei kréien? Mir gi kucken, ob et eng Progressioun oder eng Diminutioun an den Totaler vun deene verschiddene Ministère gëtt. Wann een Zäit hätt, kéint een och all Zeil vergläichen, sous condition dass d'Présentatioun net erëm eng aner Kéier e bësse geännert huet. An dann, da kënnen mir eis opreegen, dass een net méi esou vill kritt huet, oder eis op d'Schëller klappen, dass een aneren eppes bäikritt huet. Mä iwwert de Continu an d'Qualitéit vun de Politiken, déi mir mat deene Sue gemaach hunn, wësse mir häerzlech weineg.

Égalité des chances, Entwécklungspolitik, wirtschaftlech Promotioun, Aarbechtspolitik, Gesondheetspolitik, ouni eng systematesch Evaluatioun vun eiser Politik kënnen mir ni richtig eppes dozou soen. An et geet och net duer all Schaltjoer en Audit ze maachen, an nach vill manner, wa keng Konsequenzen doraus gezu ginn.

D'Exigenz vun engem Compte rendu vun de Performancen ass nâischt Neies. Et ass och net eng neoliberal Ausuferung, wéi verschidde Leit dat mengen. Schonn an der Déclaration des Droits de l'Homme et du Citoyen vu 1789 ass dës Approche festgehalen. Ech zitieren den Artikel 14: «Tous les citoyens ont le droit de constater, par eux-mêmes ou par leurs représentants, la nécessité de la contribution publique, de la consentir librement, d'en suivre l'emploi et d'en déterminer la quotité, l'assiette, le recouvrement et la durée». Artikel 15: «La société a le droit de demander compte à tout agent public de son administration».

D'LOLF vum 1. August 2001 huet sech dës Précepter zu Häerz geholl. A Frankräich muss d'Regierung vun 2006 un all Joer seng Ziler an hir Strategien duerleeën an duerno Rechenschaft ofleeën. Mam Projet de budget muss déi franséisch Regierung vun 2006 un dem Parlament e sou genannte Projet Annuel de Performance, e PAP, virleeën. Dëse Projet presentéiert fir all eenzel Programm d'Aktiounen, déi ëmgeseit solle ginn, d'Objektiver, déi ugepeilt sinn, an d'Resultater, déi d'Regierung sech dovunner erwaart.

De Projet annuel de performance enthält ausserdeem eng «justification au premier euro» vun den Dépenses, déi ageschriwwen gi sinn; dat heescht, all Dépensé muss Joer fir Joer frësch justifiéiert ginn. Beim Dépôt vum Compte général muss d'Regierung dann de Rapport Annuel de Performance (RAP) virleeën, dee genau Rechenschaft ofleet iwwert déi eenzel Dépenses an iwwert d'Resultater, déi mat dëse Mëttelen erreecht gi sinn.

An anere Wieder: Duerch dës nei budgetär Architektur kann d'Parlament am Ufank vum Joer d'Kohärenz apprécieieren tëschent de budgetäre Choixen, déi d'Regierung getraff huet, an den Objektiver, déi se sech gesat huet. Um Schluss vum Joer huet een dann d'Méiglechkeet ze evaluéieren, ob d'Dépense publique och effikass war.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn éineschters gesot, dass och hei zu Lëtzebuerg scho méi laang d'Demande formuléiert ginn ass, fir d'Compteuren emol eng Kéier op null ze setze beziehungsweis fir méi systematesch d'öffentlech Aktioun ze evaluéieren.

1995, an engem Joer also, wou d'budgetär Situatioun nach eng ganz aner war, huet de Statsrot ge-

schriwwen, ech zitieren: «L'approche théorique du „zero-base budgeting“, jumelée a une flexibilité accrue, tant à l'intérieur des différents départements qu'entre ceux-ci, permettrait d'étendre la marge de manœuvre politique et budgétaire du Gouvernement.»

2001 hat de Conseil économique et social dem Stat recommandéiert, en Informatiounssystem opzestellen, deen him et géng erlaben, d'Effikassitéit an d'Effizienz vun deenen eegene Services ze moossen: «L'État doit instituer une sorte de „benchmarking“, c'est-à-dire un système d'évaluation permanent, permettant de suivre l'efficacité et l'efficience de l'État luxembourgeois dans le monde par rapport aux meilleures expériences étrangères et de mesurer l'efficacité des institutions et des administrations de l'État et de leur gestion.»

An der Tëschenzäit hunn d'Franseuse bewisen, dass de Schwieregkeetsgrad vum Exercice keng Excuse ass, fir en net unzegoen. Mä et gëtt nach aner méi pragmatesch Argumenter, fir dee Wee anzuschloen.

Éischtens, well mir eis mat der Cour des Comptes, esou wéi se duerch d'Kontabilitéits- an d'Budgetgesetz vun 1999 reforméiert ginn ass, schonn en Instrument ginn hunn, fir net nëmmen d'Rechtméissegkeet vun den Dépenses ze kontrolléieren, mä och d'Evaluatioun vun de Politiken ze ënnerstëtzen duerch den «examen de la bonne gestion financière».

Zweetens, well verschidde Ministère sech schonn an där Richtung beweegt hunn, notamment de Gesondheitsministère, mat sengem Programme d'action «soigner mieux en dépensant mieux», an de Ministère des Travaux publics, dee sech nei Prozedure ginn huet, fir d'Käschte besser ze kontrolléieren. Do d'neiwent huet de Ministère vun der Fonction publique eng Démarche Qualité lancéiert, déi och am Sënn vun der LOLF eng Verbesserung vum Stat senge Services ustriift.

Wat eis feelt, ass e legale Kader, deen deene finanzielle Mëttelen, déi mir dem Stat erlaben ze engagéieren, e politesch Sënn gëtt, an zwar duerch eng nei Opschlëssung vun eise Budget a Missiounen, Programmer an Aktiounen. D'politesch Prioritéiten definéieren ass en éischte Schrëtt, fir d'Effikassitéit vun der Dépense publique ze verbessern. Wa keng Prioritéite festgehalen ginn, feelt et der öffentlecher Aktioun u Kohärenz an u Liibilitéit. An dat vermindert d'Effikassitéit vun de Mëttelen, déi der öffentlecher Aktioun octroyéiert gi sinn.

Am Kader vun der Preparatioun vum Budgetsrapport hu mir eis zu Paräis beim «père spirituel» vun der LOLF, dem Deputéierten a Questeur Didier Migaud, informéiert, deen iwwregens an deem Kader dësen 19. Dezember op Lëtzebuerg kënnt, fir engem méi breede Publikum d'Philosophie lolfienne méi no ze bréngen, a wou Dir jo allegueren invitéiert sidd.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech op meng Konklusiounen kommen, wëll ech nach eng Kéier kuerz op d'Recetten ze schwätze kommen. An deene leschten Deeg a Wochen ass vill geschwat ginn iwwert dee Besuegneris erregende Wuesstum vun eisen Dépenses. Zu Recht ass dat gemaach ginn, an och zu Recht ass gesot ginn - an dat soll ee widerhuelen -, dass de Problem vun eise Budget net op der Recettësäit läit, mä op der Dépensësäit. Dat heescht awer nach laang net, dass op der Recettësäit alles am grénge Beräich ass.

Beim Dépôt vum Budget war op emol e grouss Gedäisch, well d'TVA-Recetten 2005 manner gutt ausfale wéi virgesinn. Ongeféier

400 Milliounen manner sollen et si par rapport zum Budget voté. Sécher, e Remboursement vun 300 Milliounen un eng eenzeg Entreprise ass en exceptionnelt Element, wat dësen onerwaarte Réckgang vu Recetten zum Deel erkläert.

De Problem u sech ass awer net nei. D'Cour des Comptes weist scho säit Joren drop hin, dass d'Augmentation nette vun de Soldes à encaisser op eng Besuegneris erregend Aart a Weis wiisst. Am September 2005 huet de Montant cumulé vun der TVA à rembourser en historiques Niveau erreecht, mat 884 Milliounen. Domadder ass de Solde net à encaisser vu minus 140 Milliounen am September 2004 op minus 444 Milliounen am September 2005 gestiegen.

■ **Une voix.** - Oh freck!

■ **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.** - En anere Problem bei der TVA, deen och längst bekannt ass, ass dee vun den Arriéréen, déi héchstwahrscheinlech net méi anzedeiwe sinn, well se ze wäit zréck an der Vergaangenheet leien, oder awer well d'Situatioun vun deenen, déi dem Stat Sue schëlleg sinn, prekär ass.

1996 ware 70% vun deenen, déi dem Stat TVA schëlleg waren, nach aktiv. Enn September 2005 komme just nach 40% vun dësen Arriéréen vu Leit beziehungsweise Betriber, déi nach aktiv sinn. 16% vun deene Montanten, déi zréckzebezuele sinn, komme vu Leit beziehungsweise vu Betriber, déi en cessation sinn. An déi aner 40% si Fäll, wou d'Faillitë scho gesprach sinn. An iwwer 50% vun deene Fäll ass et also fraglech, ob de Stat jee dës Sue kritt, déi him zoustinn.

(*Interruption*)

Scho virun zéng Joer war op de Problem vun der Fraude carrousel higewise ginn, déi haut op eemol als eppes Neies duergestallt gëtt. Sécher, d'Fraude carrousel ass duerch d'Öffnung vun der Grenze méi komplex ginn a méi schwéier opzedeecken, mä si ass awer net nei, am Géigendeel. Si war a si bleift dat typeschste Beispill vu Frauden, déi am TVA-Beräich graséieren.

1997 hat den Auteur vum Rapport iwwert d'Fraude fiscale, den heitege Minister Jeannot Krecké, verschidde Pistes ogezeechent, fir dës Problemer entgéintzewier-

ken. Notamment war eng Kompensatiounsprozedur proposéiert ginn. Déi verschidden Detten a Créancen, déi de Steierzueler vis-à-vis vun deenen dräi verschiddene Steieradministratiounen huet, sollte kompenséiert ginn, esou dass de Steierzueler just nach d'Differenz ze bezuelen hätt beziehungsweise just nach d'Differenz géing zréckkréien.

Dat hätt dee Virdeel, dass d'Administratiounen vill méi séier géinge mierken, wann eppes net klappt. An et hätt och Virdeeler fir de Steierzueler, deen heiandsou a finanziell Enkpäss geréit, well e bei där enger Administratioun eng déck Zomm muss bezuelen, während em eng aner Steieradministratioun nach Sue schëlleg ass.

Mir schwätze scho säit ville Joren dovun, wéi een deene ville klengen Entrepreneuren d'Liewe kéint vereinfachen, oder wéi een deene jonke Leit de Sprong an d'Onofhängegkeet schmackhaft kéint maachen. Den «netting fiscal», wéi dat genannt gëtt, wär e sënnavollen an e richtege Schrëtt an déi Richtung.

Méi Leit, méi performant Technologien, méi modern Programmer, méi a besser zesummeschaffen: Genau wéi d'Problemer sinn och d'Leisunge scho längst bekannt. Elo, wou e bësse besser muss op eis Sue gekuckt ginn, ass vläicht d'Zäit komm, fir emol endlech duerchzegräifen.

Nach eng kéier: D'Recettë besser a méi konsequent andreiwen, ass kee Fräischäin fir d'Dépenses an d'Luucht ze schrauwen. Et geet hei éischters ëm de Gläichheetsprinzip vun Steierzueler vis-à-vis vum Stat: Firwat soll deen, dee senséiert ass, säin Akommes ze deklaréieren, besser ewechkomme wéi deen, deen d'Steieren direkt vu senger Pai ofgehele kritt?

Zweetens geet et dorëm, dem Stat seng finanziell Marge ze verbesseren. An Zukunft komme mir nämlech net méi derlaanscht, deen een oder deen anere punktuellen Ajustement ze maachen, fir d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie weider ze erhalen.

Last but not least geet et dorëms ze wëssen, wou mir genoe dru sinn. Budgetär Disziplin verlaangt kloer a verlässlech Zuelen, op der Dépensésäit an och op der Recettésäit. Mir brauchen hei keng grouss Campagne iwwert d'Iwwerverscholdung vun der Stéit ze lan-

céieren, wa mir selwer op där enger Säit net fäeg sinn, virauszugesinn, wéi vill mir erakréie wäerten, an op där anerer Säit eis net un dat halen, wat mir décidéiert haten auszeginn.

Mir hunn nach en anert Instrument, dat an eiser Hand läit, fir souwuel d'Recettésäiten ze verbessere wéi och d'Dépenses anzedämmen. Ech weess, et klängt scho wéi ee Mantra, mä ech muss nach eng kéier op d'Simplification administrative zréckkommen. De Plan d'action de Lisbonne hält notament fest, ech zitieren: «L'amélioration de la réglementation a une incidence positive sur les conditions d'encadrement de la croissance économique, de l'emploi et de la productivité en réduisant les coûts et en levant les obstacles à la flexibilité et à l'innovation.»

Tatsaach ass och, dass eis Betriber nach ëmmer ze vill an ze oft géint reglementaresch an/oder bürokratesch Hürde stoussen, déi hiren Dynamismus bremsen. Wa mir weiderhi wëlle kompetitiv bleiwen, komme mir net derlaanscht, eis Prozeduren ze reforméieren an zwar zügeg. D'Prozedure musse méi kuerz ginn, si musse méi einfach ginn a si musse dem Informatiounszeitalter gerecht ginn. Dat spuert net nëmmen de Betriber Nerven a Suen, dat erlaabt et och dem Stat, seng Dépenses erofzedrécken, an dat erlaabt et de Beamten, sech anere wichtegen a sënnavollen Aufgaben ze widmen.

Ier ech op meng Konklusioun kommen, wëll ech der Form halber nach erwähnen, dass de Conseil d'État nach en Avis muss ofginn, fir de Regierungstext ze änneren. Déi Ännerunge betreffen d'Artikelen 10 an 11 an et geet ëm de Beräich vun der Consommation vun der elektrischer Energie respektiv de Beräich vun den Accisés vun de sou genannten No-name-Zigaretten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass an deene leschten Deeg verstärkt drop higewise ginn, dass et finanzméisseg fënnf vir zwielef ass. Ech wëll hei dorun erënneren, dass et scho méi laang fënnf vir zwielef ass, dass mir scho méi laang iwwer eis Verhältnisser liewen. Dat weist den Defizit vun der Administration centrale, dee vu minus 109 Milliounen am Joer 2002 op minus 1,1 Milliard am Joer 2005 gewuess ass.

Dat weist d'Evolution vun der Capacité respektiv dem Besoin de financement vun der Administration

générale an deene leschte fënnf Joer. 2001 ware mir bei plus 6,1% vum PIB. 2005 ass den estiméierten Defizit no de Maastricht-Kritäre minus 2,3% vum PIB.

Dës Tatsaach weist, dass d'Evolution vun eiser Administration générale déi schlechtst war an der EU tëschent 2001 an 2005, obwuel et eis wirtschaftlech gesi relativ gutt gaangen ass vis-à-vis vun eisen Nopeschlänner.

Wa mir an deenen nächste Joren eisen Objectif budgétaire vu minus 0,8% wëllen erreechen, an och eng laangfristeg Ofsécherung dovunner realiséiere wëllen, komme mir net derlaanscht, strukturell Reformen unzegoen. Doriwwer, mengen ech, si mir eis all eens.

Mir mussen awer och kucken, dass déi néideg Ännerungen, déi ufalen, net eesäiteg sinn, an net just déi eng an net déi aner belaauchten. Duerfir mengen ech, dass et net ganz gescheit wier, fir elo alles iwwert de Knéi ze brieche.

Wéi gesot, et ass scho méi laang bekannt, dass et finanziell fënnf vir zwielef ass, mä et hëlleft elo net ze kloen, dass net éischter eppes an där Saach passéiert ass an dass verschidde Leit d'Situatioun net wëlle wouerhunn.

Mir hunn d'Regierung opgeruff alles dorun ze setzen, fir am Joer 2006 d'Dépenses ze reduzéieren. Dat ass och gutt esou. An ech si sécher, dass d'Regierungsmitglieder alles wäerten dru setzen, fir dat ze réaliséieren.

Déif gräifend Reforme mussen awer gutt duerchduecht ginn. Duerfir begrëisse mir ausdrécklech, dass dës Regierung sech virgeholl huet, dat am Dialog mat de Sozialpartner an der Chamber ze maachen, fir spëtstens am Mee 2006 der Chamber e Pak Reformen duerzeleeën.

De Rééquilibrage vun eisen öffentlichen Finanzen kann duerfir op jidde Fall net nëmmen duerch eng ondiffréenzéiert Kompressioun vum sozialen Budget geschéien. Och den Investprogramm vun der Regierung muss kritesch hannerluecht ginn. Et muss gekuckt ginn, wat prioritär gebraucht gëtt, an et muss gekuckt ginn, méi schnell a méi bëlleg ze bauen.

Beim sozialen Budget ass den Challenge vun der Soutenabilitéit net nëmmen dee vun engem Manner un Dépenses, mä och dee vun engem Besser un Dépenses. D'Politik

muss also verstärkt dem sozialen Charakter vun den Transfertë Rechnung droen, an dat ass, nëmmen deenen ze hëllefen, déi a materielle Schwieregkeete sinn. A schliesslech muss d'Effikassitéit vun eiser Politik systematesch evaluéiert ginn.

Wéi solle mir d'Utilisatioun vun den öffentlichen Gelder rechtfertegen, wann d'Resultater vun der administrativer Aktioun net bekannt sinn, a wa mir net wëssen, wéi eng Facteuren zu dësen Resultater bäigedroen hunn?

An enger Gesellschaft, déi op dem Solidaritéitsprinzip berout, ass et natierlech berechtigt, jiddferen opzefuerderen, e klenge Sacrifice ze maachen, fir d'Boot erëm flottzemaachen, fir dass och eis Kanner a Kandskanner e Stéck vum Kuch kënnen kréien.

Mä och eis Bierger a Steierzueler hunn d'Recht ze wëssen, wat mat hire Sue passéiert. D'Transparenz vun der Gestion patrimoniale a vun de politesche Choixen ass duerfir net nëmmen eng Fro vu „meilleures pratiques“ am Beräich vun der öffentlichen Gestiou. D'Transparenz erlaabt et de Bierger, iwwer hiert Parlament d'Politik vum Stat besser ze kennen. Et erlaabt hinnen ze jugéieren, ob d'Objektiver, déi de Stat sech gesat huet, erreecht gi sinn.

„Wa mir et zesummen upaken, da packe mir et.“ Den Appel vun der Regierung am Kader vum Budget 2006 wäert ëmsou besser ukommen an ëmsou méi befollegt ginn, wann de Stat sech d'Mëttele gëtt, fir mam gudde Beispill vir ze goen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, dass mir d'nächst Woch am Kader vun eisen Debatten déi Défien, déi an deenen nächste Jore virun eis leien, konstruktiv kënnen ugoen.

Ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Ech ginn dem Här Negri, Budgetsrapporteur, Akt vu senger Deklaratioun. Domat si mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Muer de Mëtteg um hallwer dräi héiere mer den Exposé vum Här Budgetsminister Luc Frieden.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(*Fin de la séance publique à 16.40 heures*)

Ordre du jour

5500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2006 (suite)

(*Exposé du Ministre du Trésor et du Budget*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden et Mars Di Bartolomeo, Ministres.

(*Début de la séance publique à 14.31 heures*)

■ **M. le Président.** - D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(*Négation*)

Merci, Här Minister.

Mir kommen dann zu dem eenzege Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten, dat ass den Exposé vum Här Minister Luc Frieden iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2006. Här Budgetsminister Frieden, Dir hutt d'Wuert.

5500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2006 (suite)

Exposé du Ministre du Trésor et du Budget

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, d'Finanz- a Budgetpolitik ass d'Grundlag vu bal alle

Politikberäicher, besonnesch awer vun der Wirtschafts- a Sozialpolitik. Gesond Statsfinanze sinn d'Fundament vun engem Land, wou et attraktiv ass fir Betriber Aarbeetsplazen ze schafen a fir d'Leit ze wunnen an ze liewen. Duerfir hu mir och eng grouss Responsabilitéit fir d'Gesondheet vun deene Statsfinanzen ze erhalen. Dat ass eng Responsabilitéit fir d'Regierung a fir de Budgetsminister. Dat ass och eng Responsabilitéit fir d'Chamber. Mä et ass och eng Responsabilitéit fir d'Leit allegueren, well de Budget an d'Statsfinanze sinn net de Besët vun engem Minister oder vun enger Regierung; si ginn eis allegueren eppes un.

De Budget 2006 ass e responsabele Budget, deen éischters d'Ekonomie ënnerstëtzt andeem en héich Investitiionsausgabe virgesäit. Et ass zweetens e Budget,

deen d'Sozialpolitik staark weiderféiert. Et ass e Budget, deen drëtens nei Politikfelder an d'Grondaufgabe vum Stat begleet, an et ass och e Budget, deen d'europäesch Stabilitéitskritäre voll a ganz respektéiert.

Dat sinn am Fong schonn déi véier Hauptgrënn, fir dësem Budget seng Zoustëmmung ze ginn. Ech si frou ze gesinn, datt d'Finanz- a Budgetskommissioun vun dëser Chamber déi Analys an déi dote Grënn, fir hir Zoustëmmung zum Budget ze ginn, deelt.

Duerfir géing ech och gärden ausdrécklech dem Rapporteur vun der Finanz- a Budgetskommissioun, dem honorabelen Här Roger Negri, zu dësem Projet de loi villmools Merci soe fir déi Konklusiounen, déi en duerch déi Analys vum Statsbudget gëschter an där Ried hei, gradesou wéi a sengem schrëftleche Rapport, gezunn huet.

Ech deele vill vun de Suggestiounen, déi d'Finanz- a Budgetskommissioun an den honorabelen Här

Negri gemaach hunn. Reflexiounen och iwwert d'Budgetsprozedur, déi ee selbstverständlech an deenen nächste Méint muss verdéiwen, och wann ech der Meinung sinn, datt ee muss op d'Erfahrungen notament vu Frankräich waarden, éier ee kann definitiv Konklusiounen iwwer eng nei Budgetsprozedur zéien.

Ech sot, et ass e responsabele Budget. Zugläich weist dëse Budget awer an enger pluriannueller an europäescher Analys Limiten op. Mir hunn e strukturellen Defizit um Niveau vun Stat, deen eis mëttelfristeg grouss Schwieregkeete mécht, wann eis Reserven - Reserven, dat ass dat aus deene gudde Joren ugespuert, op d'Säit gluechtent Geld - eis et net méi erlaben deen Defizit, wéi an deene leschte Joren, ofzedeecken. Or, et gehéiert zu eisem Verständnis vun der Finanzpolitik, fir dës esou ze gestalten, fir datt mer haut och d'Grundlag schafe fir muer en agréabelt, geregelt Zesummeliwen an enger fräier a sécherer Gesellschaft ze assuréieren, wou wirt-